LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Usprooch vum Här Staatsminister Jean-Claude JUNCKER**
**bei Geleeënheet vun der Hochzäit vum Ierfgroussherzog Guillaume**
**mam Stéphanie de Lannoy**
**-----**
**Lëtzebuerg – 19./20. Oktober 2012**

Gudden Owend,

Net nëmmen d'Mënschen, och d'Natiounen hunn ee Liewen. Heiandsdo – net ganz dacks – ginn d'Liewe vun de Mënschen a vun den Natioune sech d'Hand. Esou ee Moment erliewe mer dëser Deeg zu Lëtzebuerg.

Wann den Ierfgroussherzog an d'Stéphanie de Lannoy Sech e Freideg an e Samschdeg d'Jo-Wuert ginn, dann ass dat fir d'alleréischt emol ee wichtegen, wann net deen allerwichtegsten Dag an Hirem ganz perséinleche Liewen. Si maache sech zu zwee op an d'Zukunft an eis beschte Wënsch begleede Si op där laanger Streck. De Prënz Guillaume – Dee mer scho méi laang kenne well En an eiser Mëtt grouss ginn ass an Dee mer gären hu wéinst Senger Fassong ze sinn an ze schwätzen – huet eng Fra fonnt, déi bei Hie passt. Och bei eis, well Hiert onkomplizéiert Wiesen, Hiren natierleche Charme, Hir grouss Intelligenz an Hir zolidd Bildung aus Hir eng Ierfgroussherzogin maache wäerten, déi mer eis net méi schéin hätte mole kënnen.

D'Bestiednis vun deenen Zwee ass awer och ee wichtegen Dag am Op an Of vun eisem Land. Eis Verfassung huet dem Land d'Form vun enger konstitutioneller Monarchie ginn, eng Staatsform mat där mer gutt eens ginn. De Prënz Guillaume gëtt enges Dags eise Staatschef. Wann eisen zukünftege Staatschef Sech bestied, da projezéiert En d'Dynastie an d'Zukunft a séchert dës esou of. Dofir ass d'Hochzäit vum Ierfgroussherzog, eisem nächste Grand-Duc, a vun der zukünfteger Ierfgroussherzogin a Grande-Duchesse net nëmmen een zivilen a reliéisen Akt tëschent zwee Mënschen, mee och ee Staatsakt. Et ass ee Staatsakt well en eis alleguer als Bierger vum Land direkt betrëfft. Doduerch datt mer den Ierfgroussherzog a Seng zukünfteg Fra feieren, feiere mer och eis selwer. Ech weess: net jiddfereen heiheem gesäit dat esou. Mee wann d'Geschicht vum Land ee wichtege Schrëtt weider mécht, da muss een dee Schrëtt wierdeg begleeden, wierdeg heiheem a wierdeg no baussen. Well anerer kucken eis no. Mir blosen eis net op, mee mir brauchen eis och net méi kleng ze maache wéi mer sinn.

Je suis convaincu que la future Grande-Duchesse héritière Stéphanie saura faire confirmer par le peuple luxembourgeois le choix du Grand-Duc héritier. Elle fera désormais partie du paysage national qu'Elle enrichira par Sa douce présence faite d'intelligence et de cœur. Et je voudrais qu'à l'occasion du mariage princier, nous ayons tous une pensée particulière et émue pour la mère de la future Grande-Duchesse héritière. Nous ne nous construisons pas seuls, nous sommes aussi les enfants de nos pères et mères. Nous aurions tellement aimé accueillir la mère de la future Grande-Duchesse héritière parmi nous.

Am Numm vun der Regierung wënschen ech der ierfgroussherzoglecher Koppel – an eis mat Hinnen – dat Allerbescht. An d'Gléckwënsch wëll ech de Grand-Duc an d'Grande-Duchesse mat aschléissen, souwéi och der Prinzessin Stéphanie Hire Papp an de Grand-Duc Jean Dee frou ass d'Geschicht vu Sengem noblen Haus sech harmonesch weider entwécklen ze gesinn.

Vive eis nei ierfgroussherzoglech Koppel!

Vive eis groussherzoglech Famill!

A vive eist Land!

-------------